

*Vote*

Ween ass dofir? Deen ass gebieden, d'Hand an d'Lucht ze hiewen.

*(Interruptions)*

Ween ass dogéint?

*(Interruptions)*

Et ass keen Zweifel:...

*(Interruptions diverses)*

D'Majoritéit ass dofir!

*(Interruptions)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Mir si mat der Zilsetzung d'accord. Mir kënnen awer net eisen Accord ginn zu deem, wat an der Regierungserklärung steet!

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Et ass ofgestëmmt!

**M. le Président.** - Dir hutt dat jo elo erklärt!

*(Interruptions diverses)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Dat ass schued! Dir hätt eng Unanimitéit kënne kréien, wann Der net sou stur wäert wéi den Här Rippinger!

**M. le Président.** - Mir wären domat um Enn vun eiser Sitzung...

*(Brouhaha)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Mä d'CSV léisst sech jo ewell vum Här Rippinger diktéieren, wat se ze maachen huet!

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.** - Sou, d'Sitzung ass um Enn. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um halwer 3.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 18.48 heures)*

## 28<sup>e</sup> séance

Jeudi 6 avril 2000

*Présidence*

*M. Jean Spautz, Président*

*M. Willy Bourg, Vice-Président*

*Ordre du jour*

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Composition des commissions parlementaires
3. Questions avec débat
  - 5 de M. Jean Colombera relative au contrôle médical
  - 6 de M. Mars Di Bartolomeo relative à l'introduction d'une assurance contre les catastrophes naturelles
  - 7 de M. Robert Mehlen relative à la nocivité des rayonnements électromagnétiques
4. Projet de loi 4606 portant approbation de l'Accord de partenariat économique, de coordination politique et de coopération entre la Communauté européenne et ses Etats membres, d'une part, et les Etats-Unis Mexicains, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 8 décembre 1997 (*Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion*)
5. Projet de loi 4503 portant approbation des amendements aux articles 24 et 25 de la Constitution de l'Organisation mondiale de la Santé, adoptés par la résolution WHA 51.23 de la cinquante et unième Assemblée mondiale de la Santé à sa dixième séance plénière le 16 mai 1998 (*Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
6. Projet de loi 4620 modifiant la loi du 18 décembre 1998 relative aux contrats portant sur l'acquisition d'un droit d'utilisation à temps partiel de biens immobiliers (*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
7. Projet de loi 4432 concernant la protection contre le harcèlement sexuel à l'occasion des relations de travail et portant modification de différentes autres lois (*Rapport de la Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Charles Goerens et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

*(Début de la séance publique à 14.33 heures)*

**M. le Président.**- D'Setzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber Kommunikatiounen ze maachen?

(Assentiment)

Den Här Minister Carlo Wagner huet d'Wuert.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.**- Här President, ech sinn duerch en Arrêté grand-ducal autoriséiert, fir hei de

- *projet de loi 4655 portant introduction d'une liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie et modifiant le Code des assurances sociales*

ze déposéieren.

**M. le Président.**- Ech ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi duerch den Här Minister Carlo Wagner. De Projet de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weider verwisen.

Mir hunn dann hei och nach e puer Ännnerungen, wat d'Kommissiounen betrëfft.

### 2. Composition des commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, huet d'DP-Fraktiouen folgend Vorschlägi agereecht:

- an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ersetzt den Här Jean-Paul Rippinger den Här Paul Helminger;

- als Membere vun der Commission spéciale d'Ethique gi proposéiert:

- d'Mme Agny Durdu,
- den Här Jean-Paul Rippinger, an
- den Här Paul Helminger.

- als Membere vun der Commission spéciale "Jeunesse en détresse" gi proposéiert:

- den Här Claude Meisch,
- den Här Xavier Bettel, an
- den Här Marco Schroell.

Ass d'Chamber domat averstanan?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Op eisem Ordre du jour vun haut stinn:

- d'Question avec débat 5 vum Här Jean Colombera iwwert de Contrôle médical;

- d'Question avec débat 6 vum Här Mars Di Bartolomeo iwwert d'Afseierung vun enger Versécherung géint Naturkatastrophen, an

- d'Question avec débat 7 vum Här Robert Mehlen iwwert déi elektromagnetesch Strahlen.

Den Auteur vun der Questioun huet 5 Minuten Zäit, fir seng Haaptfro an, no der Antwort vum Minister, seng Zousazfro virzedroen.

Den Här Colombera huet d'Wuert.

### 3. Questions avec débat:

#### - Question 5 avec débat de M. Jean Colombera relative au contrôle médical

**M. Jean Colombera (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn eng Question avec débat ugefrot, well ech émmer méi oft vu Leit ugeschwatt ginn, déi keen Akommes hunn, well de Contrôle médical hinne keng Invaliditéit unerkannt oder se no enger laang-jäereger Krankheet erëm schaffe geschéckt huet.

Well déi Leit net mat déser Décisioun zefridde sinn, leeë si virum Conseil arbitral eng Plainte of. Während déser Zäit, wou de Recours leeft, hu si keen Akommes, weder vun der Krankeess nach vum Patron, well si jo net schaffe ginn. Si kënne sech och net beim Chômage aschreiwen, well si sech soss indirekt als apte au travail erklären.

Émsou méi dramatesch ass et, wa Mann a Fra dovu concernéiert sinn. Schonn némammen de Fait, datt de Mann kee Revenu kritt, obligéiert d'Fra, fir schaffen ze goen. Dat ass net esou evident. Et ass bekanntlech schwéier, fir mat 50 Joer dobausse berufflech aktiv ze ginn. D'Froen, déi ech an deem Kontext wollt stellen, si folgend:

- Wat geschitt mat deene Leit, déi kee Revenu hunn?

- Wéi kann ee verhënneren, datt si aus dem sozialen Netz erausfallen?

- Wat fir eng Strukture kommen a Fro, fir dës Leit opzefänken?

Ob eng Persoun invalid ass oder net, ob eng Persoun erëm ka schaffe goen oder net, décidéiert némammen de Médecin-Conseil vun der Sécurité sociale, dee seng medezinesch Appréciatioun an engem juristesche Kontext gëtt. Also hänkt déi ganz Prozedur am Prinzip némme vun enger Persoun of.

Am Virfeld vun déser Décisioun huet den Hausdokter a Form vun enger ausführlecher Ënnersichung, déi am Prinzip 45 Minuten dauert, de Patient fir invalid befonnt. Et kann een dorriwwer streiden, ob de Generalist neutral ass, oder net. Et kéint een d'Argument an d'Feld feieren, datt hien éischter d'Partie vu sengem Patient hëlt an d'Tendenz huet, fir invalid ze erklären.

Fir awer dähr Décisioun méi Gewiicht ze ginn, a méi Neutralitéit, versicht de Generalist, den Avis vun engem Spezialist anzehuelen, deen dann och seng Meenung iwwert d'Invaliditéit oder d'Krankheet ofgëtt. Fir ganz sécher ze sinn, freet de Generalist den Avis vum Médecin du travail, dee seng Argumenter fir oder géint d'Invaliditéit duerleet. Munchmol gëtt souguer den Avis vun engem ausländischen Dokter gefrot.

Wann alleguer dës Avie koordinéiert gi sinn, dann eréischt schéckt de Generalist seng Demande un d'Invalidékeess. Do décidéiert dann de Contrôle médical. Et ass schwéier ze acceptéieren, wann de Médecin-Conseil géint den Avis vun aneren Dokteren eng Décisioun tréfft.